Eltërecomité vum 21ten Mee 2008

Présent waren : Wies, Fournier, Mees, Michels, Muller, Struck, Thiry, Majerus

Entschëllegt waren : Girsch, Klein, Decker, Pittomvils

1) Divers

Den Perry huet eis doriwer informéiert dat vum Schouljoer 2009/2010 den Mamer Lycée och e klassechen Lycée gëtt mat verschidden Sektiounen, waat fir eng daat sin, ass nach net gewosst. Dat ass selbstverständlech e groussen Succès an weert dann och d'Attraktivitéit vum Lycée op.

Den Comité huet och beschloss am nächsten Schouljoer just nach **eng** Délégués Versammlung ze machen , vu que dass déi lescht Délégués-Parents keen Succès war et woren ganzer 4 Leit do.

Dann nach eppes waat méi eng traureg Geschichte ass den 18ten Mee war bei RTL op der Télé Dokshow een Interview wou den Suessemer Buergermeeschter den Här Georges Engel ennert aanerem live iwer Antenne gesoot huet den Mamer Lycée mat sengen **schrecklechen Schüler** .....
Dir kënnt Iech deen ganzen Bericht um site vum rtl.lu ukuken a lauschteren.
Den Eltërecomité gin der Saach do een Suivi.

2) Fapel

Fapel hat eis ugeschriwen (dir hat eng Copie per Mail kritt) fir eis an eisem Lycée eng Formatioun fir eis Délégués-Parents unzebidden wann mir e Grupp vun 8 – 12 Déléguéen zesummen kriten. Mir schreiwen eis Déléguéen un fir ze kuken wéivill Leit dorun interesséiert wären an dann gesinn mir jo weider.

3) Commissioun vun der Restauratioun

Christiane Mees war fir eis an der Commissioun vun der Restauration (dir hudd den Rapport per Mail kritt) ennert aanerem huet hat eis och gesoot dass d'Elteren elo och ouni weideres erem an der Cantine mat Boergeld kennen bezuelen dat war virdrun mat dem elektronechen Systeem net méi méiglech an sie hun awer elo eng extra Caisse wou een dann bezillt an mat enger Kaart vun hinnen gëtt Paiement dann frei geschallt sou dass daat keen Probleem méi dierf ze sin.
Mir machen dat och nach eng Kéier an eisem Info Bliedchen public.

Déi nächst Restaurationsversammlung ass den 25ten Juni.

4) Commissoun vun der Secherheet

Dir hudd do ebenfalls den Rapport per Mail geschéckt krutt.

5) Infobliedchen

Mir hun schon 1 Artikel vum Danielle waat den Ausbildungsprogramm vun der Fapel ugeet.

Folgend Proposen sinn och nach gemaach gin :

- den Mamer Lycée gëtt och e klassechen Lycée
- Sevolio Projet (self-evaluation with portfolio)
- Rapport vun eiser Table Ronde
- Restauratioun
- Site Myschool méi public machen
- Tipps fir Elteren (Mehr Sicherheit im Internet klicksafe.de)
- Interview mat der Direktioun (déi meecht an wichtegst gestallten Froen vun eisen Elteren)
- 5ten Anniversaire vun eisem Lycée

Mir sinn fir all néi Ideen op an wären och frou wann deen een oder aaneren een vun dësen Artikelen kéint schréiwen. Avis aux amateurs.

6) Porte ouverte

Den Samchden den 24ten Mee mecht den Eltërecomité Cafétéria mat Kuch an Gedrénks fir d'Porte Ouverte. Waat Organisatioun ubelaangt hudd dir eng Mail kritt. Merci fir ärt fleissech baaken an hëllefen.

7) Table Ronde

Den 28ten Mee hun mir eis Table Ronde. Mir hun 230 Invitatiounen verscheckt (an der Annexe fann dir eng Copie vun der Invitatioun). Mir hoffen jo dat mir e puer Leit kréien. Mir hun och Direktioun, den Proffekomitee an den Schülerkomitee invitéiert. Duerno gëtt et och nach een Patt.
Mir brauchen just nach puer Ureegungen fir den Ordre de Jour vun deem Dag. Schékt mir w.e.g. är Ideen an Virschléi iwer e-mail.